***(Et zielt daat geschwaate Wuert.)***

# 1. Mee 2009 – Miersch

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

**(Begréissung)**

Mir waren d'lescht Joer eréischt kuerz aus der enger Kris eraus a schwupps schon an der nächster dran. Ech hunn schonns e puer mol gesot, dat et ëmmer erëm iergendwou op der Welt eng Kris gëtt wou mir gesot kréien, mir missten méi lues trëppelen, moderat Lounfourderungen stellen, méi flexibel sinn an d'Käschten erofsetzen. Daat ass den Tenor vun all Krisebekämpfung.

Et sinn ëmmer déi, déi géint Loun a Gehalt schaffen, déi eng Aarbechtsplaz brauchen fir hiren Liewensstandard ze erhalen, fir sech an hir Famill ze suergen, di leschtenends de Kapp mussen duerhalen. Et sinn awer net dës Mënschen, déi Schold un der Kris sinn awer si mussen all Konsequenzen droen.

Schold sinn Manager déi riseg Paien an d'Täsch stiechen, déi ëmmer alles besser wëssen an esou wéi hir Ideeën lafen, och un den Schrauwen vun eiser Wirtschaft- a Finanzwelt dréien.

Si entloossen Leit fir de Wäert vun hiren Betribsaktien ze steigeren. Si erpressen ganz Staten fir Steierreformen ze kréien wou hir Betribssteieren erofgesat ginn. Si investéieren net fir besser ze ginn, mä si investéieren fir méi grouss ze ginn. Si verknaschten eis Ëmwelt. Si maachen géint d'Aarmut an den Honger op der Welt näischt. Mee si bedreiwen an der globaler Wirtschaft eng Expansiounspolitik wou si nach méi grouss, nach méi räich ginn an nach méi Afloss kréien.

Dat war de Kapitalismus gëschter, dat ass de Kapitalismus haut an dat wäert de Kapitalismus och moar nach sinn.

Ech gleewen net drun, dass déi Kris déi mir haut duerchliewen eis Welt moar besser a méi gerecht mëscht.

Sécher, mir wäerten moar méi a besser regelen. Dat hu mer och schonns an deenen vergaangenen Jorzéngten gesot a gemat. Et huet keng Kris verhënnert. Et soll een d'Hoffnung awer net opginn.

Eng sozialgerecht Welt gëtt net vun Manager erbaut, eng sozial a gerecht Welt gëtt och net vun Kapitalisten gemat. Eng sozialgerecht Welt gëtt net vun Maartfanatiker a Liberalisten hirgestallt.

Sozialgerecht setzt viraus, dass een eng Iddi huet wat SOZIAL heescht a wat GERECHTEGKEET heescht. Dat SOZIALT an dat GERECHT huet een awer net nëmmen am Kapp, et muss een et och am Bauch, d.h. am Gefill hunn.

Liberal heescht offen no allen Säiten (d'Sandalen-Politik). Liberal heescht alles fräi maachen, keng Barrièren, keng Grenzen. Dës Politik kenne mer elo op der Welt an och an Europa zanter Jorzéngten. Si huet zu dem gefouert wat mer haut kennen.

Awer d'Zäit ass haut reif fir déi Reformen, fir déi Akzenter, fir déi Politik déi de Mënsch an de Mëttelpunkt stellt! Et gëtt zu eisem Wirtschaftssystem keng Alternativ. Di staatlech gelenkten Wirtschaftssystemer am Sozialismus a Kommunismus hu kläglech versot. Dës Systemer sinn haut virun 20 Joer ënnergaange wéi symbolesch d'Berliner Mauer gefall ass. D'Liberaliséierungswell, déi duerno koum, huet vill Misère gemat. Sécher a gutt Aarbechtsplazen goufen an der EU liberaliséiert, d.h. duerch prekär a manner gutt bezuelten Aarbechtsplazen ersat.

Awer di jëtzeg Kris huet et fäerdeg bruecht, dës prekär Aarbechtsplazen bannen nëmmen e puer Méint ofzeschafen. Dat waren di éischt Entloossungen an de Méint Oktober, November an Dezember 2008. Matt dem Resultat, datt de Chômage an der EU an doriwwer eraus drastesch an t'Luucht goung.

Och Lëtzebuerg, daat dem Fimmel, oder besser gesoot dem Wahn no Liberaliséierung a Flexibiliséierung net noginn huet as vu méi héigem Chômage betraff.

A schonns kommen d'Kapitalisten wéi d'Raten aus hire Lächer gekroch a verlaangen fir der Kris Meeschter ze ginn strukturell Reformen, d.h. méi flexibel a méi liberal. Jiddereen soll fir sech selwer verantwortlech sinn.

An zugläicher Zäit gëtt e regelrechte Krich lancéiert fir di nächst Liberaliséierungswell anzelauden, nämlech géint Leit an den Sozialberuffer, oder nach am Gesondheetssekteur. Si kaschten ze deier. Mir mussen also och hei méi schlank ginn, méi prekär. An dofir zerschloe mer mol alles. Bolkestein léist gréissen.

D’Personal am Finanzsekteur ënnerläit engem risegen Drock. Engersäits wëssen se net ob se moar nach hir Aarbecht hun an anerersäits gett vun hinnen verlaangt si missten méi bëlleg ginn, well d’Käschten jo erofgoe mussen.

Hir Kollektivverträg, déi a wirtschaftlech gudden Zäiten nëmme Grimmelen fir d’Personal iwwreg haten, sin elo ganz a Fro gestallt.

D’Kris trefft d’Arbeitnehmer méi wi eemol!

**Léif Leit,**

Grad elo schléit t'Stonn vun deenen Mënschen a Gewerkschaft a Politik fir eise Wirtschaftssystem méi SOZIAL ze maachen. D'Politik muss erëm d'Primat iwwert d'Wirtschaft huelen. D'Politik muss de Mënsch an den Mëttelpunkt stellen. D'Politik muss Wäerter entwéckelen, déi de Mënsch an eiser Gesellschaft schützt (an zwar all Alter schützt), awer och Wäerter déi de Mënsch op senger Aarbecht schützen.

Mir brauchen an deenen kommenden Joeren gesellschaftlech Reformen, jo!

Awer gesellschaftlech Reformen, déi vun Matbestëmmung ënnert all hire Formen op der Aarbecht schwätzen. Mir nennen dat Demokratiséierung vun der Wirtschaft! Et däerf eis net egal sinn an et ass eis och net egal wat mat eiser Aarbecht, eiser Aarbechtsplaz a mat eisem Betrib geschitt.

D'Matbestëmmung däerf keen Hemmnis fir e Patron sinn. D'Matbestëmmung däerf keen noutwennegt Iwwel sinn. Matbestëmmung ass de Stoff aus dem d'Mënschen op hirer Aarbecht méi sinn wéi en einfachen Produktiounsfaktor, si sinn eppes Eenzegaarteges a net vergläichbar mat enger Maschinn déi een ukuerbelt wann se gebraucht gëtt an stoppt wann se net méi gebraucht gëtt.

Esou gelungen wéi et ass, eng Maschinn gëtt gefleegt a geheegt, si gëtt kontrolléiert, si gëtt geschmiert, si gëtt gebotzt. Et ginn och emol Stecker ersat.

Den Arbeitnehmer, den huet ëmmer ze funktionéieren. Wann e krank ass, dann simuléiert en an dofir brauch e Kontrollen vum éischten Krankendaag un. Ass een al (45 Joer a méi), da gëtt sech ëm entleedegt.

D'menschlech Bezéihung zu der Maschinn (oder dem Computer) as méi intensiv wi d'menschlech Bezéihung zum Mënsch selwer. Hei steet dach d'Welt regelrecht op der Kopp. A mir mussen se erëm op d'Féiss stellen!

Neen, d'Kapitalisten, d'Manager, maachen eis keng SOZIAL Maartwirtschaft. Mir mussen dat selwer an d'Hand huelen. D'Gewerkschaften mussen fuerderen, d'Arbeitnehmer mussen sech mobiliséieren an d'Politik muss bougéieren.

Mir brauchen keng Refërmchen vun Matbestëmmung, mir brauchen eng déifgräifend gesellschaftlech Mattbestëmmungsreform an eise Betriber! Vun Personalvertriedung iwwert Comité Mixte bis an d'Verwaltungsréit an eisen Betriber. Mir mussen och an den Chef-Etagen vertruede sinn. Et däerf näischt an eise Betriber geschéien wat net no der Meenung vun de Beschäftegten verlaangt.

### Léif Kolleginnen a Kollegen,

Am November 2001 sutze mer an der Tripartite zesummen a mir hunn festgestallt, dass zu Lëtzebuerg eist Wirtschaftswuesstum vun 9% op 1% gefall ass. Mir waren an enger wirtschaftlecher Kris. Mir hunn d'Kafkraaft vun de Leit net beschnidden, awer mir hunn bei deene grousse Betriber d'Steieren méi séier a méi konsequent eragedriwwen. Dëst huet eis erlaabt, bis d'Joeren 2004 an 2005 iwwert eng schwiereg Zäit ewech ze kommen. Awer 2005 waren eis Handlungsspillreim ausgeschöpft an d'ëffentlech Finanzen hu schlecht ausgesinn.

D'Tripartite 2006 huet en Accord bruecht wou all Partner domatt averstan waren. Den Index ass moduléiert ginn bis Enn 2009 an zugläicher Zäit ass dunn en Ëmverdeelungsprozess Zugonschte vun manner bemëttelte Leit an eiser Gesellschaft a Beweegung gesat ginn, d'Negativsteier gouf an d'Praxis emgesat. Dat war eng richteg Politik an Decisioun, als Gewerkschaftler stinn ech nach haut derzou!

Och wann haut ganz subtil aner Politiker an esouguer Gewerkschaftler de Klassenegoismus schüren. D'Mëttelschicht gëtt géint di Aarm an eiser Gesellschaft ausgespillt. Esouguer eis Salon-Kommunisten/Sozialisten bréngen et fäerdeg, dass mat hirer Fuerderung no Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun die Hären Wurth an vill aner Groussverdénger riseg Steiergeschenker kruten während déi di keng Steieren,

oder nëmmen wéineg Steieren bezuelen, well hire Verdéngscht eben net méi héich ass, quasi null oder mat Grimmelen heemgaang sinn.

Daat as den neien Sozialismus-Kommunismus à la 21. Jorhonnert!

Matt dem Tripartite-Accord koum och dat ominéist Gesetz 5611. Wat hunn di Jugendlech sech dach regelrecht mëssbrauche gelooss. Esouguer Angschtgefiller si bei den Elteren stimuléiert ginn. Eng verwäerflech Politik an Strategie. De 5611 huet muenchem Jugendlechen eng Aarbecht verschaaft an eng Chance gi fir eng Aarbecht ze fannen. De 5611 huet eis de Konzept vum „maintien dans l'emploi" bruecht. Eng Idee, der ech selwer am Ufank skeptesch géintiwwer stoung. Haut ass dës Skepsis fort an ech wëll den Aarbechtsminister François Biltgen félicitéieren fir seng deemoleg Haartnäckegkeet. Haut brauche mer dat Konzept méi wéi jee!

### Léif Kolleginnen a Kollegen,

D'Finanzkris, déi Enn 2008 bei eis ausgebrach ass, huet finanzpolitesch a finanztechnesch Ursaachen. Dës Kris ass awer de virleefegen Aboutissement vun aneren verwäerflechen Prozesser op dëser Welt. Wat hu mer dach mat gemëschten Gefiller de Walkampf an den USA verfollegt an d'ganz Welt huet regelrecht opgeotemt wéi den Obama neien amerikaneschen President gouf. Et war manner en Opootmen fir den Obama, mä et war méi en Opootmen, dat de Bush endlech fort war. 8 Joer laang huet dësen Bush vill Misère op der Welt a bei sech doheem gemaach. Den Irak-Krich ass e Paradebeispill dofir. Weltwäit sinn d'Mënschen fest iwwerzeegt, dass de Bush a seng Regierung dëse Krich ugefaangen hunn, well se den irakeschen Pëtrol wollten ënnert hir Kontroll bréngen. Mee de Pëtrol ass net méi bëlleg ginn, grad de Contraire ass de Fall. D'Pëtrolskonzerner si méi räich ginn, si regelrecht steeräich ginn.

D'Weltwirtschaft huet dofir en héichen Präis bezuelt. Den Irak-Krich huet alles duercherneen gewirbelt. An e groussen Deel vun den Präishaussen beim Pëtrol ass op dëse Krich zréckzeféieren. An d'Weltwirtschaft wäert nach mindestens 10 Joer un dësem Krich bezuelen. Et muss een wëssen, dass an enger globaler Welt e groussen Phänomen wéi eben den Irak-Krich och global Auswierkungen huet. De Präis vum Pëtrol ass een Ustouss-Präis, d.h. hie beaflosst all aner Präisser a wann de Konsument en héiche Präis fir Benzin, Diesel a Mazout bezilt, dann huet dëse Konsument manner Suen an der Täsch fir aner Produkter ze kafen. Et gëtt geschwat, dass weltwäit zanter dem Irak-Krich direkt Käschten vun den Pëtrolspräishaussen sech op mindestens 1.600 Milliarden $ belaafen. D'negativ Auswierkungen op den Weltwirtschaftswuesstum vum héichen Pëtrolspräis ginn op 3.000 Milliarden $ geschat.

All Ausgaben fir den Irak-Krich an Amerika, an Asien, an der arabescher Welt an an Europa si Suen, déi fir aner Investissementer net méi do waren. Dat eenzegt, dat an dëser Zäit geboomt huet, dat war d'Rüstungsindustrie. Mee vum Produzéieren vun Waffen kritt een de Bauch bekanntlech net voll.

Et verbessert een och d'Bildungs- an d'Gesondheetsinfrastrukturen net. Eleng an den USA ass d'Statsschold Enn 2008 ëm iwwert 900 Milliarden $ eropgaange an dat eleng wéinst de Kricher am Irak an am Afghanistan. Matt dësen Zommen geet esouguer e Land vun den onbegrenzten Méiglechkeeten futti. An dann hunn ech nach keen Wuert iwwert di indirekt Käschten vun dësen Kricher geschwat.

Zu dësen indirekten Käschten gehéiert och, dass wuel d'Welt zwou Diktaturen manner kennt, awer eis Welt ass net méi sécher ginn. Den Irak-Krich huet di international

Spannungen verschäerft. Den Irak-Krich huet d'Stabilitéit an d'Sécherheet am Noen Osten net méi grouss gemaacht. D'Bedroung duerch den Terrorismus ass net méi kleng ginn. Grad de Géigendeel ass de Fall. Den Irak-Krich huet zu engem regelrechten Kampf vun den Kulturen gefouert, den Islam géint de Rescht vun der Welt. An dann hunn ech nach kee Wuert gesot iwwert di mënschlech Konsequenzen vun dësem Krich.

Erwäne wëll ech och, dat den Irak-Krich an als Konsequenz d'Haussen vum Pëtrolspräis virun allem di aarm Länner op der Welt getraff huet. Lëtzebuerg ass eent vun deene wéinegen Länner op der Welt, dat bal 1% vu sengem PIB an d'Entwécklungshëllef stécht, an dat ass och gutt esou. Awer vill vun dësen Effort'en, vill vun dësen Erfolleger an der Drëtter Welt sinn duerch den héichen Pëtrolspräis regelrecht futti gemat ginn. Den Honger an de Misère op der Welt sinn net méi kleng ginn. Dofir däerfen mer mat dësen Effort'en och net noloossen. Drëtt Welt huet eis solidaresch Hëllef méi néideg wéi jee, och wa mir haut an enger Wirtschaftskris sinn.

„Alles huet säin Präis an et ginn keng Kricher zum Nulltarif. Op di eng oder aner Weis wäerte mir haut an an der Zukunft fir de Krich bezuelen." (Zitat: Joseph STIGLITZ)

An dem Zäitraum 2003 bis Enn 2007 hu sech d'Aktiekursen op den Boursen gutt entwéckelt. Awer nun muss een och wëssen, dass an dësem selwechten Zäitraum d'Lounsteigerungen ganz moderat waren an op der anerer Säit sinn d'Profiter vun de Betriber an astronomesch Héichten geschoss.

Den Irak-Krich huet Ongewëssheet provozéiert a grad d'Berechebarkeet ass dat, wat d'Entrepreneuren brauchen fir kënnen a wëllen ze investéieren.

**Léif Leit,**

Ech widderhuelen:

Den Irak-Krich huet riseg Turbulenzen am Noen Osten an op anere Platzen op der Welt provozéiert an dës Situatioun huet de Pëtrolspräis an d'Luucht gedriwwen. Doduerch ass de Konsum vun de Leit erofgaange.

Di amerikanesch Federal Reserve huet versicht di negativ Auswierkungen vum Krich géigenzesteieren. Si huet de Leetzëns niddreg gehalen an d'Regelen fir Krediter ze kréien sinn opgeweecht ginn. Doduerch sinn d'Bierger an Amerika stimuléiert ginn sech méi ze verscholden. Den amerikaneschen Bierger ass regelrecht opgefuerdert ginn méi héich Risiken anzegoen an variabel verzënslech Hypothekarscholden opzehuelen. Dës niddreg Zënsen hunn den amerikaneschen Stéit erlaabt méi héich Krediter op hiren Immobilien opzehuelen. D’Zënsen waren niddreg, awer leider variabel.

Den amerikanesche Bierger huet net méi gespuert (d'Spuerquot an den USA ass negativ ginn), mee en huet wäit iwwert seng Verhältnisser konsuméiert an sech verschold. Et war awer nëmmen eng Fro vun der Zäit bis dës niddreg Zënsen erëm eropgaange sinn. Méi héich Zënsen ze bezuelen heescht méi Suen aus der Täsch op den Dësch ze leeën. Den, den awer net méi an der Täsch huet, den as zuelungsonfäeg, also Faillite. Milliounen Amerikaner hunn esou hiert Haus verluer an dat ass dat wat mir d'"Subprime"-Kris nennen.

Den Irak-Krich an den héichen Pëtrolspräis hunn di amerikanesch Wirtschaft geschwächt. An dës Situatioun ass opgeflunn wéi d'Zënsen eropgaange sinn an de ganzen Immobilienmoart zesummegebrach ass.

Héich Pëtrolspräisser bréngen Inflatiounsdrock an domat och méi héich Zënsen. Als Konsequenz aus dësem ganze Prozess gëtt de Wirtschaftswuesstum ofgebremst.

Mir hun och hei zu Lëtzebuerg dësen Phänomen matgemaach. De Pëtrolspräis as op iwwert 140,-- $ de Barrel geklomm. D'Inflatioun ass an d'Luucht gaang, d'Zënsen sinn eropgaange an den Drock op den Index ass gewuess. Och doraus resultéieren d'Tripartite-Decisiounen aus dem Joer 2006.

Mir gesin also, dass an enger globaler Welt alles alles beaflosst, an esouguer daat klengt Lëtzebuerg bleiwt nët verschount.

Dat ganzt ass an Amerika lassgaang. Amerika huet d'Gripp kritt, an domat d'ganz Welt ugestach. Di US-amerikanesch „Subprime"-Kris huet schon am Joer 2007 di aktuell Finanzkris ausgeléist. Wann ee pufft, da schaaft een eng Blos. D'Verscholdung vun den Amerikaner ass eng riseg Blos ginn (eng Immobilienblos).

Am Joer 2006 hunn an Amerika d'Hypothéikekrediter ronn 40% vum gesamten Kreditvolumen ausgemaach. D'Banken waren sech dësen Risiken bewosst a wat hu se gemat? Si hunn ugefaang de Kreditrisiko op méi Käpp opzedeelen. De Kreditrisiko ass global - also duerch d'ganz Welt, op all Finanzplaz - verstreet ginn. Derbäi koumen nei Techniken am Beräich vun der Kreditfinanzéierung a virun allem vun der Kreditverbriefung derbäi. Doduerch sinn ontransparent Finanzprodukter entstan, déi héich Renditen versprach hunn.

Dës Kredit-Päck sinn och an Europa an zu Lëtzebuerg vun Banken opkaaft ginn. Haut soe mer, dat sinn di faul Kredit-Päck wou och d'Finanzexperten net genau woussten wat se kaaft hunn.

Dem Bierger huet dat ganzt gefall, hien war jo um séiere Geld interesséiert. Och zu Lëtzebuerg! „Ech brauch net ze schaffen, mäin Geld schafft jo fir mech". Dës Mentalitéit huet wéi eng Spiral funktiounéiert. De Bankier huet sech ustieche gelooss an de Bierger ass och bei eis stimuléiert ginn fir méi Risiko anzegoen. Am Joer 2007 hunn di éischt Banken Problemer kritt, an zwar an Däitschland, an England an an den USA.

D'Banker hunn de Problem du kannt. Si hunn näischt gesot, an eis Iwwerwachungssystemer hu versot. Och eis BCL huet hir Analysen a Kontrollfunktiounen net erfëllt.

Matt der „Subprime"-Kris kämpfen d'Finanzmärt mat enger bis haut nach undauernde Liquiditéits- a Vertrauenskris. Dofir hunn weltwäit d'Länner an d'Regierungen Dausende vun Milliarden Gelder an hir Finanzsekteuren stiechen mussen.

Mee, den Haaptproblem bleiwt: nämlech de Mangel un Vertrauen.

D'Ursaachen fir dës Vertrauenskris sinn op d'Entwécklung vun der Finanzglobaliséierung an deenen leschten Joren zréckzeféieren. An eiser globaler Welt sinn d'Banken weltwäit mateneen verbonnen an domat entsteet eng ëmmer méi grouss Ofhängegkeet a Wiesselsäitegkeet vun den Bankgeschäfter. An zanter dem Zesummebroch Enn September 2008 gëtt et tëschent de Banken keen Vertraue méi. Keen weess, ob säin Noper net nach e puer faul Blosen am Tirang huet - well Transparenz feelt. An dës Situatioun infizéiert och eis lëtzebuergesch Finanzwelt. D'Verloschter weltwäit vun der Finanzmaartkris ginn virsiichteg am Mäerz 2008 op 1.000

Milliarden US-Dollar geschat. Haut, ee Joer méi spéit, wësse mer, dass dës Zuelen vill, vill méi héich sinn.

D'Halschent vun de Verloschter falen bei de Banken un an di aner Halschent deelen sech Versécherungsgesellschaft, Pensiounsfongen, Hedge-Fongen an aner institutionell Investisseuren.

D'Resultat heivun: eis Regierung huet missten am September 2008 de lëtzebuergeschen Finanzsystem stäipen. Dem Bierger seng Spuersuen, de Betriber hir Finanzierungskapazitéiten an, last but not least, Dausenden vun Aarbechtsplazen hu missten gerett an ofgeséchert ginn. D'Regierung huet séier an efficace gehandelt an verdéngt dofir eis Unerkennung. Mee, de Schued war weltwäit gemat an och op eiser Finanzplaz, an doriwwer eraus ass di ganz weltwäit Wirtschaft an den Sog vun dësem Vertrauensverloscht eragezu ginn. Esouguer eenzel Länner sinn un de Bord vun der Faillite geroden.

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Ech wollt dës Erklärungen iwwert d'Ursaachen vun der Finanzkris eng Kéier opzeechnen, well se wichteg si fir d'Verstoen vun der Wirtschaftskris an all déi Iwwerleeungen, déi doraus resultéieren. Dobäi well ech hei net op Léisungen agoen, dat géing eis ze wäit féieren. Vläicht awer e puer kuerz Gedanken éiier ech op d'Wirtschaftskris an hier Auswierkungen bei eis wäert agoen.

**Léif Leit,**

An der Nout léiert een bekanntlech seng Frënn kennen. Abee, sinn den Här Sarkozy an d'Madame Merkel wierklech eis Frënn? D'Bankgeheimnis huet sécherlech näischt mat der Finanzkris ze dinn. Den däitschen Finanzminister Steinbrück säi rüpelhaft Behuelen brauche mer eis sécherlech net gefalen ze loossen. A vum Här Steinmeier hätte mir eis als Lëtzebuerger eng däitlech Entschëllegung erwaart wéi en elo op Lëtzebuerg koum fir der LSAP hire Walkampf anzelauden. Hien huet Gott sei Dank säin Parteikolleg Franz Müntefering net matbruecht. Dat ass nämlech de Gesell, den Zaldoten wëllt op Lëtzebuerg schécken fir esou Problemer wéi d'Bankgeheimnis ze léisen. Als Lëtzebuerger an Europäer muss een vun engem preisesche Politiker méi Zeréckhalen an Respekt verlaangen. Och 60 Joer méi spéit sinn däischter Kapitelen an der Lëtzebuerger an an der europäescher Geschicht net vergiess. D'Finanz- an d'Wirtschaftskris hunn däitlech gemat, dass esouguer d'EU mat hiren Institutiounen an enger Kris ass.

Eng gemeinsam Politik gëtt et net.

E gemeinsamt Verteidegen vun bestoenden europäeschen Regelen gëtt et mol net.

Vläicht ass dat och gutt esou, dass d'EU am Virowend vun Walen fir d'EU-Parlament an enger déifer Kris ass. Vläicht sinn esou Themen wéi Liberaliséierung vun Servicer, wéi Bolkestein-Direktive, wéi d'Aarbechtszäit-Direktive, wéi di EU-Urteeler géint Lëtzebuerg an aner Länner an der „directive détachement" gutt an Erënnerung geruff, dass och d'EU-Parlament SOZIALPOLITIKER brauch.

Wann die Liberaliséierungspolitik an der EU virugeet, wa keng Sozialrechter de Primat iwwert d'Wirtschaft kréien, wa keng Mindestnormen vu sozialen Rechter an der EU

definéiert ginn, da kënnt den Dag an d'Stonn wou och eis méi oder wéineger héich Sozialstandarden hei zu Lëtzebuerg a Gefor geroden. Den Drock ass enorm grouss, mee de Bierger huet dat de 7. Juni 2009 an der Hand.

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Et hat grad knapp zwee Méint gedauert wéi nieft der Finanzkris di weltwäit Wirtschaftskris eis voll getraff huet. Den LCGB huet den 9. Oktober 2008 beim Statsminister eng Tripartite gefrot. Während anerer vun enger klenger konjunktureller Baisse gedreemt hunn, sinn d'Analysen am LCGB an eng ganz aner Richtung gaang. A wéi d'Entwécklung dem LCGB Recht ginn huet, hu mer ganz séier gesinn an ze spieren kritt.

Ëmmer méi Betriber hu Kuerzaarbecht ugefrot an ëmmer méi Mënschen sinn an den Chômage geroden. Virun allem d'Industrie ass haart getraff ginn. A wann an der Industrie näischt produzéiert gëtt, da gëtt och näischt transportéiert. Domatter ass den Stroossentransport, awer och d'Eisebunn an de Flugtransport an d'Kris eragerutscht.

Zouliwwerfirmen fir d'Automobilindustrie si getraff ginn an d'Autokonzerner hu keng (oder wéineg) Auto'en méi verkaf a produzéiert. Den Immobiliensektor loung op eemol brooch an et ass kaum e Betrib vun der Kris verschount bliwwen. D'Finanzkris huet dës Situatioun an der realer Ökonomie nach verschäerft. D'Bankieren si ganz zeréckhaalend mat den Krediter an d'Bierger hunn de Rimm méi enk gezunn. D'Regierung huet mat dem Statsbudget fir d'Joer 2009 do agegraff wou se konnt. D'ëffentlech Investissementer ginn op engem héiche Niveau gehalen an d'Kafkraaft vun de Leit ass gestäerkt ginn. Eng Steierreduktioun vun 9% an der Moyenne gouf zum 1.1.2009 applizéiert. De Mindestloun an d'Renten sinn ëm 2% ugepasst ginn. Et gouf eng „allocation de vie chère" fir kleng Akommes-Bezéier agefouert. An en weideren Pak vun Steierkrediter (Negativsteier) huet en Emverdeelungsprozess vun Uewen no Ënnen vollzunn. Zu gudder lescht koum den 1. Mäerz 2009 nach eng Indextranche derbäi. D'Indexligen vun der sozialistesch-kommunistescher Gewerkschaft OGB-L huet näischt beweegt!

Weltwäit

**Léif Leit,**

sinn Dausende vu Milliarden Euro oder $ schwéier Konjunkturprogrammer a Beweegung gesat ginn. Do dernieft koumen nach Milliarde schwéier Ennerstëtzungsprogrammer derbäi fir eng Parti Schlësselbetriber iwwer Waasser ze halen.

An och Lëtzebuerg ass op dëse Wee gaang. Méi bescheiden, an awer.

An zwou Tripartite-Ronnen hunn d'Regierung an d'Sozialpartner e Konjunkturprogramm vun 1,3 Milliarden EUR (= 50 Milliarden Luf) = 3,24% vum PIB definéiert. Dëse Wirtschaftsprogramm kënnt virun allem de Kleng- a Mëttelbetriber zegutt. Also, dem Bau an dem Handwierk. An de Konjunkturprogramm soll den groussen Industriebetriber hëllefen an dem d'Kuerzaarbecht méi laang a méi flexibel organiséiert ka ginn. Och soll den Arbeitnehmer an der Kuerzaarbecht 90% vu senger Pei bezuelt kréien wann hien eng Weiderbildungsmoossnam matmécht.

Dëse Konjunkturpak kënnt elo nach virun de Walen vum 7. Juni 2009 an d'Chamber a mir waarden mat Spannung drop, wéi di eenzel Parteien zu dësem Krisepak stinn.

Ech gi mol dervun aus, dass dës Krisegesetzer vun de Regierungsparteien gestëmmt ginn. Awer ginn se och vun Gréng an DP gestëmmt? Wann net, watfir Alternativen hunn dës Parteien? Jiddefalls sinn an der Spezialkommissioun an der Chamber keng nei a besser Ideeën ze gesi gewiescht.

Di topesch Aussoen, d'Regierung wier net op d'Kris virbereet gewiescht, oder d'Regierung hätt näischt gemat, sinn engem Politiker, deen den Usproch huet jo och eng Kéier an d'Regierung mat senger Partei ze kommen, einfach net würdeg. Et gleeft souwisou kee Bierger se! Et wär also nëmmen normal, wann an dësen Krisenzäiten d'Volleksvertrieder geschlossen hannert der Regierung stoe géingen, och wann de 7. Juni 2009 Walen sin.

Dës Kris wäert nach laang no de Walen undaueren. De Statsminister Jean-Claude Juncker gëtt net midd drop hinzeweisen, dass dës Kris 2009 an 2010 sécherlech net zu Enn geet an dass d'Folgekäschten nach an der nächster Legislaturperiod laang ze spieren wären. Walkadoen brauch also keng Partei ze verspriechen, well dës Verspriechen wäerten sech no de Walen ganz schnell a Loft opléisen. Et muss also e knallhaarden Krisemanagement hei zu Lëtzebuerg, an Europa an op der Welt gemat ginn.

D'Suergen vun de Leit ass de Chômage, hiert Akommes an di richteg wirtschaftlech Akzenter fir d'Zukunft. Dorop mussen d'Politiker Äntwerten ginn. D'Suergen vun de Leit sinn net den Hären Steinmeier an Asselborn hir Kachkënscht. De Suergen vun de Leit wär besser Rechnung gedroen wann eisen Ausseminister géing di Konzerner GoodYear an Du Pont de Nemours an Amerika besichen an iwwert hir Zukunftsabsichten zu Lëtzebuerg befroen. Amplaz turnt hien léiwer a Syrien, oder zu Charm-el Cheik.

Mir maachen eis awer Suergen ëm d'Zukunft. Wa näischt weider geschitt ass jo alles méi oder wéineger an der Rei. A wann eis Ökonomie dann den Hierscht abrëcht? Ass et verbueden, dës Fro ze stellen?

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Den LCGB huet de Konjunkturpak vun der Regierung begréisst an dréit dëse Programm och mat. Mee dëse Konjunkturpak, ass en dann am Parlament gestëmmt, brauch eng Partie Méint fir emgesaat ze ginn. Dëse Programm hëlleft de Kleng- a Mëttelbetriber. Hien hëlleft der Industrie a mat allem wat drun hänkt wéineg. Hei si mer op di international Konjunktur ugewisen. Hei kann e klengt Land wéi Lëtzebuerg näischt beweegen.

Den LCGB huet no der Tripartite vum 3. Mäerz 2009 kritiséiert: vill Wirtschaft awer wéineg Soziales wär gemat ginn. Mir ënnerstëtzen d'Wirtschaft an dat ass och gutt esou awer mir mussen d'Mënschen och ënnerstëtzen. D'Arbeitnehmer brauchen eng Beschäftegungsgarantie an dem Programm „maintien dans l'emploi"!

Doropshin huet den LCGB e Beschäftegungssommet verlaangt. Esou en Beschäftegungssommet gëtt elo fir den 6. Mee 2009 vun der Regierung organiséiert.

Den LCGB hätt gäeren e Katastropheprogramm wann d'Kris sëch verschärft. Mir mussen op dräi Niveau'en schaffen:

1. Fir di nächst Schoulofgänger mussen dréngend Aarbechtsplazen zur Verfügung gestallt ginn.
2. Et ergëtt kee Sënn, Arbeitnehmer a Betriber mat konjunkturellen Schwieregkeeten elo ze entloossen a wann eng wirtschaftlech Reprise kënnt, erëm Leit anzestellen, just dass dat dann net méi déiselwecht sinn. Hei muss also am Kader vun enger Beschäftegungsgarantie „maintien dans l'emploi" organiséiert ginn.
3. Eis aarbechtsrechtlech Instrumenter wéi d'Durée vun der Aarbechtslosenënnerstëtzung, d'Préretraite, d'Préavis-Zäiten, Aide au réemploi, d'Aarbechts-zäiten an anerer mussen enger Katastrofe-Situatioun ugepasst ginn.

**Dir Dammen an Dir Hären,**

Iwwert 10.000 Leit sinn an der Kuerzaarbecht. Iwwert 14.000 Leit sinn aarbechtslos. Mir hunn Dausenden vun Grenzgänger schonns heemgeschéckt. Eis Wirtschaft läit um Buedem. Eis Finanzinstituter wäerten fir di nächst Joeren keng Steieren méi bezuelen.

Dat ass d'Ausgangsbasis fir di nächst Joeren!

Manner Aarbecht heescht manner Pei. Manner Pei heescht manner Steieren a manner Soziallaaschten. Manner Soziallaaschten bedeit manner Suen an der Gesondheetskees an an der Pensiounskees. Dën Drock op eis Sozialsystemer hellt also zou. Eis Renten vun haut si sécher, eis Renten vun moar net onbedéngt. Mir mussen eis also doriwwer an aller Responsabilitéit ënnerhalen. Eist Gesondheets-wiesen gëtt net méi bëlleg.

Mee d'Leeschtungen vun eisem Gesondheetssystem däerfen net ofgebaut ginn soss maache mer lues awer sécher eise System futti: Et ass eng falsch Politik ze mengen, eist Sozialversëcherungswiesen wär zu Solde-Präisser ze kréien. Di wahnsinneg Politik vun ëmmer méi klengen Lounniewekäschten ass eng Illusioun. Ween net bereet ass eisem Sozialsécherungssystem déi Gelder ze ginn, déi dëse System brauch, deen ass den Doudegriewer vun eisen Sozialversécherungen.

Zanter Jorzéngten maache mer eng Politik vun manner Steieren fir eis Betriber, manner Sozialkotisatiounen fir Betriber a méi Subventiounen fir eis Betriber. Dëse Wee land onweigerlech an enger Sakgaass. An dofir muss domat Schluss sinn.

Eis Betriber hunn eng sozial Responsabilitéit ze droen. An enger moderner Gesellschaft muss d'Wirtschaft e festen Bestanddeel vum Ganzen sinn.

D'Wirtschaft liewt nët niewent eiser Gesellschaft! Grad esou wéi d'Finanzwirtschaft realwirtschaftlech Prozesser ënnerstetzen muss an se nët déstabiliséieren däerf.

De Finanzsektor muss sech also der Realwirtschaft ënneruerdnen an däerf net arrogant eng Féierungsroll iwwerhuelen, oder zum Selbstzweck ginn. D'Politik muss also och hei erëm di richteg Grenzen setzen.

D'Politik muss och duerfir suergen, dass de Bierger erëm Vertrauen an d'Politik kritt. Dat Vertrauen kann nëmmen erëm hirgestallt ginn, wann d'Akommes- an d'Verméigenverdeelung gerecht gemaach gëtt, an nët di Räich méi räich an di Aarm méi aarm ginn.

D'Managergehälter mussen begrenzt ginn a kloer Regelen kréien. Zu dësen Regelen gehéiert och, dass d'Manager responsabiliséiert musse ginn fir dat wat si maachen. Den Onsënn vun der Sozialiséierung vun de Perten a gläichzäiteger Privatiséierung vun den Beneficer muss ophalen. Grad an dësen Zäiten hätt ech mer erwaart, dass dës sozial Responsabilitéit bei eisen Patron'en géing spillen.

Mee, wéi naiv war ech.

D'Patron'en vun de Patron'en aus der UEL hunn an der Tripartite den 3. Mäerz 2009 en 109 Punkten-Fuerderungskatalog virgeluecht. Doranner fuerderen si Kompensatiounen fir d'Betriber wéinst der Indextranche vum 1. Mäerz 2009, si hätten gären e Moratoire an den KV-Verhandlungen an den Joren 2009 an 2010, den Index soll virun moduléiert ginn an op 1,5 x SSM begrenzt ginn, d'Sozialkotisatiounen sollen agefruer ginn, de Mindestloun soll vum Maart festgeluecht ginn, di krank Arbeitnehmer sollen méi genee kontrolléiert ginn, d'Aarbechtszäit soll flexibiliséiert ginn a Referenzperioden vun 6, respektiv 12 Méint sollen d'Regel ginn, de compte-épargne-temps soll zweckentfriemt ginn an an wirtschaftlech schwieregen Zäiten spillen, nei fiskal Entlaaschtungen fir Betriber, Ofbau bei den Pensiounen a Krankekeesen an esouguer am Spidolsekteur soll méi mat sous-traitance geschafft ginn: Ech erspueren Iech all weider Detailer.

### Léif Kolleginnen a Kollegen,

Ech widderhuelen wat ech schons emol gesot: Wa mir all dës 109 Fuerderungen vun de Patron'en géingen realiséieren, da géing dat de Ruin vum Lëtzebuerger Staat bedeiten.

Et ass e regelrechten Skandal datt eis Patron'en dës Kris elo mëssbrauchen fir e regelrechten Kräizzug duerch eis aarbechts- a sozialrechtlech Bestëmmungen ze féieren.

Dir Hären Wurth & Co., net mir sin Schold un dëser Kris!

Är Zunft huet dësen ganzen Schäiss verbruecht. An nodeems Dir elo di ëffentlech Keesen ausgeplënnert hutt, gräift Dir elo gären an de Portemonnaie vun de Leit. Dat Doten ass Ausbeutung iwwelster Zort.

Awer nët matt eis!

Fir géint dësen Sozialofbau virzego'en huet den LCGB sech solidaresch mat deenen aneren Gewerkschaften erklärt. Mir manifestéieren all mateneen de 16. Mee 2009 an der Staat.

Dës Politik ass eng regelrecht Sauerei an e kräftege Schlag an d'Gesiicht vun all Arbeitnehmer, vun all Rentner, vun all Bierger.

Dësen Machenschaften muss en Enn gesat ginn! An dofir gëtt et nëmmen eng geschlossen gewerkschaftlech Äntwert.

### Léif Leit,

D'ass och net alles Kris wat an der Wirtschaft als Kris bezeechent gëtt. Hei gëtt et Akteuren, déi profitéieren schéin vun der Kris. An der Stolindustrie gëtt och nach haut

weltwäit vill Stol gebraucht. Et gëtt awer keen produzéiert a verkaf well de Präis ze niddreg ass. Et gëtt hei e regelrechten Kampf ëm Maartundeeler.

An dofir mussen d'Arbeitnehmer de Kapp duerhalen. Well eis Sozialgesetzgebung vläicht besser ass wéi an anere Länner gëtt zu Lëtzebuerg lo mol Kuerzaarbecht gemat an op anere Platzen an Europa produzéiert. Dofir féiere mer dann elo mol Stolprodukter duerch Europa spadséieren. De Kapitalismus léisst gréissen.

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Déi Kris déi mir duerchliewen wäert eis net méi an den Normalzoustand zréck bréngen. Doriwwer sin sech all Acteuren eens. Eist Liewen muss manner spekulativ a manner séier ginn. Och musse mer méi genügsam ginn. Dës Kris muss eng Chance sinn fir eis aus der Ofhängegkeet vum Pëtrol ze léisen. Dës Kris muss eng Chance si fir méi op Liewensqualitéit ze bauen. Dës Kris muss eng Chance si fir méi ze deelen matt deenen déi näischt oder wéineg hunn. Dës Kris muss eng Chance sinn fir eise Mattbierger kloer ze maachen, datt mer matt Wäerter mussen liewen.

Eng Wirtschaft di well drop lass knuppt brauche mer sécherlech nëtt. Mir brauchen eng Wirtschaft déi dat produzéiert wat Mënsche brauchen fir ze liewen. Mir brauchen eng sozial Moartwirtschaft wou Schaffen belount gëtt, awer wou de Schwaachen op d’Solidaritéit vun eis zielen kann. Mir mussen der Spekulatioun op der Bourse matt Produkter oder Servicer, déi et net gëtt, en Enn setzen. Sou schafe mer erëm di nächst Blosen an et ass eng Affaire vun Zäit bis dass dëse ganzen Zirkus erëm lassgeet. Blosen platzen ëmmer wann een méi dra bléist!

Alles dat, wat d’Kricher an d’Krisen eis kaschten, muss och bezuelt ginn. Dës Suen sinn haut net do. D’Staten hunn dës Suen net an dofir geet d’Statsschold a ville Länner dramatesch erop. Si mussen moar erschafft ginn well mir däerfen net op dem Pomp vun eisen Kanner oder Enkelkanner liewen. Et däerf och net esou sinn, dass di schaffend Leit di ganz Rechnung bezuele mussen. Wann hei een bezillt, da mussen dat déi sinn, déi Schold un dëser Kris sinn an déi di an der Vergaangenheet hir Sue fir sech schaffe gelooss hunn a vill Geld verdéngt hunn. Dat sinn d’Erausfuerderungen fir di nächst fënnef Joer.

An derzou kommen der nach derbäi an net der klengster.

Kohesioun an eiser Gesellschaft heescht och wéi mer et fäerdeg brénge wäerten matteneen emzegoen: déi déi eng Aarbecht hunn an déi déi keng Aarbecht hunn, déi di bei eis wunnen an net eis Sprooch schwätzen, déi di net bei eis wunnen, awer all Daag iwwert d’Grenzen ewech bei eis schaffen kommen, déi di krank sinn an eis Hëllef brauchen, di Jonk an di Aal, Fraen an Männer. Alles dat sinn d’Ingredienzen vun der sozialer Kohesioun.

**Léif Leit, den 7. Juni si Waalen.**

Den LCGB beweegt sech an dëse Walen parteipolitesch neutral (och wa verschidde Leit aus sénger Féierung bei dëse Waalen Kandidat sinn). Beim LCGB geet et eleng em d’Interessen vun senge Memberen an doriwwer eraus de schaffende Leit.

Ech kommen awer net derlaanscht fir e Punkt opzegräifen.

Déi Partei, déi Politiker déi dës Walen ausnotzen fir Stëmmung géint d'Auslänner, virun allem géint d'Grenzgänger ze maachen, déi Propositiounen maachen wou d'Grenzgänger-Arbeitnehmer manner vun eiser sozialer Ëmverdeelung kréien sollen fir de Lëtzebuerger dann méi ze ginn, déi maachen eng eekleg Politik matt der den LCGB näischt wëllt ze dinn hunn. Dat as Rietspopulismus vun der iwwelzegster Kategorie. De Bierger soll genee wëssen, dass matt Populismus kee Land ze féieren ass, mee héchstens de Stammdësch am Bistro.

**Léif Kolleginnen a Kollegen,**

Zum Schluss wëll ech Iech alleguerten e grousse Merci soen. Mir hunn haut hei zu Miersch matt …. Manifestanten fir d'Aarbecht démonstréiert.

D'Organisatioun vun esou engem 1. Mee Meeting ass ëmmer eng grouss Erausfuerderung a fir dës Aarbecht wëll ech

dem Buergermeeschter vun der Gemeng Miersch matt séngem Schäffen- a Gemengerot Merci soen grad wéi de Leit aus den kommunalen Servicer.

Ech soen Merci de Musekgesellschaften, der Polizei, der Protection Civile, der LCGB-Sektioun vu Miersch mat un der Spëtzt hirem President Lutgen, den Nopesch LCGB-Sektiounen an zu gudder Lescht dem Bezirkspräsident Nico Hoffmann an dem Bezirkssekretär Jemp Baudot matt hiren Equipen a speziell der Montageequipe vum LCGB, dem Jaerlings Jos. matt senge Leit.

Den 1. Mee 2009 ass eisen Dag! Den 1. Mee ass awer och den Dag vum Spautze Jang. Hien ass haut viru 50 Joer vum Vollek an d'Chamber gewielt ginn. Zanter 50 Joer kämpft hien elo als Politiker awer och als Gewerkschaftler fir d'Interessien vun de schaffende Leit. Eng beispillhaft Carrière, e beispillhaften Asaz an e groussen Erfolleg. Jang, mir soen Dir Merci a mir wäerten Däi Wierk ze würdegen wëssen.

Erlaabt mer als allerlescht Iech alleguerten nach e schéinen 1. Mee 2009 ze wënschen.

Vive den LCGB!
Vive den 1. Mee!